# Konveniat

## Flott Treffen zu Wolz

**Wolz.** Kierzlech haten sech déi Weeltzer Dammen an Häre vum Joergang 1953 Rendezvous ginn zu Wolz, fir sech, wéi schonn zënter 1983, all fënnef Joer erëmzegesinn. No engem Ëmfank an der Gemeng ass et fir d'Mëttegiessen eriwwer an den Hotel-Restaurant beim Schlass gaangen. Am spéiden Nomëtteg ass dunn de Sentier de la mémoire Schumannseck 1944-1945, ënnert der Leedung vum Guide Jean Weber, besicht ginn. Bei engem Patt ass dee flotten Dag gemittlech ausgeklongen. D'Organisateuren Annette Alff, Robi Reimen, Romain Schaus a Christiane Werthesen soen hire Komerodinnen a Komerode Merci, dass si dem Konveniat schonn sou laang d'Trei halen a freeën sech elo op deen nächsten.

*Jean-Paul Huet via mywort*

